# DENG SYPROLUX-KANDIDATEN AUS DEN SERVICES CENTRAUX



**MYLÈNE BIANCHY**
SG



**SANDRO DI GIAMBATTISTA**
GI



**ISABELLE FABER**
II



**YVES FOLSCHETTE**
RH



**PAUL GRIES**
SF



**VERA KESLER**
II



**JEAN LEMMER**
IN



**ROMAIN LIBER**
GI



**NICOLAS ROSSY**
GI



**ANDY SEIL**
II



**STEVE WATGEN**
PI



**MARC ZEIMES**
II

Als SYPROLUX fuerdere mer:

**A punkto Kommunikatioun**

- eng Verbesserung vun der Kommunikatioun an Zesummeschaffen op allen Niveau'en an dat esou wuel tëschent de Servicer ewéi innerhalb vun de Servicer
- eng cibléiert Informatioun a Kommunikatioun. Wichteg Messagen, ewéi Notten, Avis'en oder Neifaassunge vu Reglementer musse sichtbar um Intranet publizéiert ginn an einfach ze fanne sinn

**a punkto Rekrutement & Karriär**

- d'Mataarbechter gemäss hirem Diplom an der jeeweileger Karriär agestallt ginn,
- eng Revaloriséierung vum Techniker Diplom iwwert eng Majoratioun vu Punkten
- kloer a uniform Reegele fir d'Attributioun vun engem „poste à responsabilité particulière", déi een als Agent kann no liese goen
- eng securiséiert Plattforme, wou een déi neisten Versioun vu sämtleche Fiches de poste ka consultéieren
- eng Erhéijung vun der Unzuel un „poste a responsabilité particulière" pro Karriär
- d'Aféiere vu järlechen Mataarbechtergespréicher ouni Sanktiounsmechanismus oder Bewärtung

**A punkto Formatioun & Examen**

als SYPROLUX fuerdere mer:

- datt all nei agestallte Mataarbechter aus sämtleche Karriären innerhalb vum Betrib verschidde Stage mëscht. Dës Stagen droen zu enger sënnvoller Formatioun bäi a weisen dem Mataarbechter, wéi um Terrain an deene verschiddenen Branchë geschafft gëtt
- datt sämtlech Examensprogrammer an den Oflaf vun Examen op de Leescht geholl an den Ufuerderungen vum Posten ugepasst ginn
- d'Schafe vun enger securiséierter Plattforme, wou déi aktuell Examensprogrammer zu all Moment zougänglech sinn

**a punkto Wuelbefannen op der Aarbechtsplaz**

- eng Neifaassung vum OG 36, der Prozedur fir Fäll vu Mobbing an Diskriminatioun am Betrib
- d'Aféiere vu Mesurë géint Mobbing, sexuellen Harcèlement an Diskriminatioun op der Aarbechtsplaz
- d'Mataarbechter, déi an déi nei Generaldirektioun wäerte kommen, mat abanne fir d'Gestaltung vun der Aarbechtsplaz vu muer
- d'Iwwerschaffe vun de Reegelen zum Horaire Mobile
- d'Méiglechkeet den CET-Kont mat 10 Stonnen de Mount kennen opzestocken
- d'Iwwerschaffe vun de Bestëmmungen zu de Voyages de Service
- eng frëndlech Salle d'allaitement am Dairy House
- eng Betreiungsstruktur fir d'Kanner vun eise Kolleg:innen
- d'Schafe vun enger neier Delegatioun fir d'Servicer GI-II-PI



**12 STËMME FIR DE SYPROLUX**


**LËSCHT 5**

# Wat der zu de Sozialwalen an zu de SYPROLUX-Kanditat:innen wësse sollt




## SERVICES CENTRAUX

**12 STËMME FIR DE SYPROLUX**



**Sozialwalen 2024 – wichteg Upassungen**

1. All Agent, deen an engem Service d'appui oder an de Servicer GI, II an PI affektéiert ass a schafft, geet och bei de Services Centraux wielen. D'Kolleeg:innen aus de Servicer AV, BU, EI, MI an TM ginn all an hierem jeweilege Service wielen. Dëst onofhängeg vun hirer Karriär an hirem Grad. Di vereelsten Reegelung, datt méi héich gradéiert Agente sollen an de Services Centraux mat wiele goe fält domadder ewech. Dës Änнerung, déi op Grond vun engem Virschlag vum SYPROLUX agefouert gouf, huet zesumme bruet, wat zesumme gehéiert. Esou gëtt eng gemeinsam Populatioun beim Chef de Service vertrueden.
2. All Agent aus dem Cadre Hors Statut huet d'Recht a sengem Service mat wielen ze goen. Och dës Fuerderung vum SYPROLUX, déi Bestanddeel vun eisem Schreiwes fir eng méi gerecht an attraktiv Personalvertriedung, gouf ëmgesat. Och d'Mataarbechter:innen aus dem Cadre Hors Statut gehéieren zum Zesummeliewen a Schaffe vun engem Service an och si hunn e Recht op eng éierbar Personalvertriedung.

**SYPROLUX-Kandidat:innen**

- an de Services Centraux triede mer mat 12 Kandidat:innen un
- den Altersduerchschnëtt vun eiser Lescht läit bei 45,25 Joer
- den Dammenundeel op eiser Lëscht läit bei 25%
- 5 Kandidat:innen ginn eng éischte Kéier mat an d'Rennen.

Et ass deemno eng equilibréiert Lëscht aus Erfarung an neien Denkustéiss, déi sech engagéieren d'Interessi vun den Eisebunner:innen di kommend Joer ze vertrieden an ze verteidegen.

**Wat d'SYPROLUX-Vertrieder ereescht hunn:**

- eng zäitno an transparent Informatioun zu den ablécklече Moossname wärend der Pandemie
- d'Bereetstelle vu Schutzwänn, Desinfektiounsmëttelen a Schutzmaske wärend der Pandemie
- d'Aféiere vum Teletravail
- d'Aféiere vun den Zäitspuerkonten
- d'Ofschafe vun de fixe Plagen am Horaire mobile
- Analysen zum Raumklima am Dairy House
- d'Mataarbechter:innen ginn iwwert d'Woch mat frëschem Uebst beliwwert
- d'Bereetstelle vu Kaffismaschinnen (inklusiv Kaffisbounen) a Waasserspender
- d'Schafe vun engem CFL-Restaurant

**LËSCHT 5**